**Evangelium vum Dräifaltegkeetssonndeg (Joer C)**

**Joh 16,12-15**

*G. Den Här sief mat iech all.*
*A. An och mat Iech.*
*G. Aus dem hellegen Evangelium nom Johannes.*
*A. Dir all Éier, Här.*

12 De Jesus sot zu senge Jünger:"Et gëtt nach villes, wat ech iech ze soen hätt, ma dir kënnt et elo net erdroen.

13 Wann awer de Geescht vun der Wourecht bis komm ass, da féiert deen iech an déi ganz Wourecht an. Hie schwätzt dann nämlech net vun sech aus, ma all dat, wat hien héiert, seet hien, an dat, wat kënnt, verkënnegt hien iech.

14 Hie verherrlecht mech, well hie kritt en Deel vun deem, wat mäint ass, a verkënnegt iech et.

15 Alles, wat de Papp huet, ass mäint; dowéinst hunn ech gesot, datt hien en Deel dervun hëlt an iech et verkënnegt."

*G. Evangelium vun eiser Här Jesus Christus.*
*A. Dech, Christus, luewe mir.*